**Aktiounen** - Sich no bestëmmten Déieren, Insekten, Planzen an invasiven Aarten. D'Aarten gi kuerz beschriwwen mat Foto an Text fir se besser ze erkennen – citizen science.



Beispiel: Insekten zu Lëtzebuerg. Fir eng Beschreiwung vun der Aart, klickt op d'Info-Symbol "**i**" ënnert dem Bild. Klickt op d'Symbol "**+**" fir är Beobachtung anzeginn.



# Gitt är Beobachtung an

Dir musst äre **Virnumm**, äre **Familjennumm** an eng gülteg **E-Mail-Adress uginn.**

**No enger Plaz sichen**: Gitt e Numm an. Klickt op sichen.

Dann e Lieu-dit auswielen



# Gitt är Beobachtung an

Dann op d'Kaart klicken fir déi genau Lokalitéit unzeginn.

Dir kënnt och direkt op der Kaart **navigéieren**, no enger Plaz sichen an drop klicken.

Dir musst den Datum vun der Beobachtung aginn.

Dir kënnt eng Foto bäisetzen. Generell ass et wichteg eng Foto derbäizesetzen well daat d'Vérifikatioun vun den Donneeën vereinfacht.

Klickt op Späicheren fir är Donnée fortzeschécken.

